DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Pressecommuniqué

21. Januar 2020

# Eugène Berger
**(1960-2020)**

Mir hunn déi traureg Flicht Iech matzedeelen, datt den Eugène Berger, Fraktiounspresident vun der DP, Gemengeconseiller,
fréiere Staatssekretär a begeeschterte Biergsteiger eis haut de Mëtteg verlooss huet. Seng Famill an d'Mënschen, déi him um Häerz louchen, ware bei him fir him Äddi ze soen.

Mam Eugène Berger verléisst eis een engagéierten an häerzleche Mënsch, dee sech vill Jore fir d'Wuel vu senge Matmënschen agesat huet.

D'DP-Fraktioun an d'Demokratesch Partei drécke senger Famill, Frënn a Bekannten hiert häerzlechst Bäileed aus.

An Trauer,

D'DP-Fraktioun an d'Demokratesch Partei